**D'Äntwert vun der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5169 vum 2 November 2021 vum honorabelen Députéierten Här Roy Reding.**

*Wat ass di genee Definitioun vun enger "personne partiellement vaccinée"?*

Fir d'Opstellung vum Rapport hebdomadaire an generell fir den Monitoring deen Gesondheetsdirektioun assuréiert, gëtt d'Definitioun vun enger voll geimpfter, deelweis geimpfter oder net geimpfter Persoun a Relatioun mat der Unzuel vun Injektiounen deen den Impfstoff virgesäit an mam Datum op deen déi geimpften Persoun den kompletten Impfschéma vum Impfstoff deen hier administréiert gouf, duerchlaf huet.

Eng Persoun gëllt deemno als deelweis geimpft wann se eng Dosis vun engem Impfstoff administréiert krut deen eréischt mat 2 verimpften Dosen als komplett ugesinn gëtt.

*Wat ass di genee Definitioun vun enger "personne avec un schéma vaccinal complet"? Ab wéini gëtt dës Persoun an déi Statistik opgeholl?*

Fir de Monitoring deen d'Gesondheetsdirektioun assuréiert, huet eng Persoun mat engem kompletten Impfplang d'Unzuel vun den Dosen kritt déi néideg sinn (1 Dosis fir den Impfstoff Janssen, 2 Dosen fir all aner Impfstoff). Fir déi Leit déi den Impfstoff Janssen kritt hunn deen just eng Dosis virgesäit, gëllen d'Leit 14 Deeg no hirer Impfung als komplett geimpft iwwerdeems d'Leit déi en Impfstoff kritt hunn deen zwou Dosen virgesäit, den Dag selwer vun der 2. Impfung als komplett geimpft gëllen. Dës Persounen ginn den Dag no hirer Impfung an de Statistike vun den Rapport'en integréiert.

Fir verschidden Länner, dorënner och Däitschland, gëllt réischt en kompletten Impfschéma 14 Deeg no der lëschter Injektioun vum Impfstoff, dat selwecht gëllt och fir Impfstoffer der hiren Schéma zwou Injektiounen virgesäit.

*Aus wat fir engem Grond gi di "non-vaccinés" mat den "partiellement vaccinés" an enger Kategorie zesummen geluecht?*

Net geimpften Leit an deelweis geimpfte Leit sinn an der Kategorie vun den ongeimpften Leit gruppéiert, well dës Leit d'Unzuel vun den néidegen Injektiounen nach net kritt hunn fir hiren Impfplang ze vervollstännegen.

Dës Kategorisatioun fir net geimpften Leit an deelweis geimpften Leit gëtt benotzt, well béid Kategorien vun Leit no den Reegelen vum Covid Check net gréng sinn, mee rout uschloen wat hiren Impfstatus ugeet.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

*An de Kalennerwochen 38 an 39 goufen d'Zuelen fir di 3 Kategorien "non-vaccinés", "partiellement vaccinés" an "avec schéma vaccinal complet" getrennt uginn. Wär et méiglech déi respektiv Zuelen och fir di aner Wochen gewuer ze gi?*

An deene leschten Wochen hunn déi deelweis geimpften Leit ongeféier 3% vun all den deklaréierten Fäll ausgemaach, esou dat déi Fäll, epidemiologesch gesinn, eng ganz kleng Roll spillen. Aus dësem Gronn ginn dës Kategorien net méi eenzel an den Rapport'en opgeläscht.

Lëtzebuerg, den 24/11/2021.

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert